

**1947
1977**

Archives ⁵
Commune de Sanem
N° 5

5

**club sportif
sanem**

1947-1977

CLUB SPORTIF SANEM

30e ANNIVERSAIRE
INAUGURATION
DE TERRAIN

21 août 1977

Albert Simon (Paressen Albert)

vum Alphonse Morang



Et gët muench Uertschaften an eisem Land, déi bekannt sin duerch e grouse Sportler oder en dichtege Politiker. Nun, eist Duerf huet déi Eier nët, mais deen een oder deen aneren erënnert sech iewer vläicht nach un e Suessemer Duerfjong, en eegenartege Kënschtler dee léiwer beim Patt mat séngem éiwege Bläistëftsstupp d’Konscht zu Pabeier bruecht huet, wéi schwéier, fir hien onnëtz Diskussiounen iwer Konscht mat Kenner ze féiren. Muench een erënnert sech och vläicht nëmmen nach un dësem Kënschtler säin Hauptwierk: „de Péckvillchen”, dës een-

zegaarteg Zeitung an deer all Woch fir 2 Frang gapaff a gepéckt gouf.

Dësen aussergewéinleche Kënschtler, dëse grouse Karikaturist war den Albert Simon, zu Suessem kurz „Paressen Albert” genannt.

Dem Albert Simon séng Karikaturen woren an der Zäit dem ganze Land bekannt. Et gouf bestëmmt keng Wirtschaft, kee Coiffeursalon wou nët de Péckvillchen all Woch op den Dësch koum.

Nun haut, 21 Joer no séngem Doud kennen déi wéinegst nach säin Numm a säi Wierk. Vläch mat Spott schwätzt deen een oder deen aneren nach vum verréckte Moler vu Suessem, deen séng Witze mam Bläistëft zu Pabeier bruecht huet, deem séng Karikaturen d’Säite vun den Zeizunge gefällt hun an deen emmer gesot huet:

„All Moler muss zwar e Verréckte sin, mais net all Verréckten as a Moler”.

Den 3. Juli 1901 koum den Albert Simon als Jong vun engem Aarbechter an engem klengen Bauerewiesen zu Suessem an der „Katzerecht“ an Paresen op d'Welt. Ewell als Kand huet hien séng Schoulhefter mat Skizzen an Zeechnungen geféllt, a schons am 4. Schouljoer soll hien vläicht aus Roserei sai Schoulmeeschter vun deemols op d'Scheierpaart gemolt hun, esou datt hien fir séng Konscht den Hennéschte kräfteg ersielt krut.

D'Aarbecht um Feld loug him nët an och an deer kuerzer Zäit wou hien als Aarbechter zu Déifferdang geschafft huet, huet hie léiwer séng Kolleegen am Geck gemolt, wéi eng Hand ugepaakt. Dofir huet hien och kuurz nom eischte Weltkrich séng Aarbechtsplaz verlooss an as als Schüler an deer deemoleger Handwierkerschoul an der Stad opgeholl gin.

Hei wor hien Schüler vum Professor Pierre Blanc.

LUXEMBURGER WORT



Och d'Zeitunge machen Vakanz

Obschons datt den Albert eigentlech wollt Kiiirchemoler gin, lougen séng Zeechnungen vun deemols dach schons méi no bei engem perséinlechen humoristesche Stil, esou datt säi Professor him ewell no kurzer Zäit gero-den huet op München op d' Akademie ze goen.

Mat der Ennerstétzung vum Pucki Formann, dem Editeur vum „Guluk“ ass den Albert Simon dann och op München op d' Akademie komm.



De Jauni: Spillt äre Jamper do uewen um Bom fer d'Spatzen ze verdriewen?

D'Grét: Oho, mei le'we Mössiö, hien ass gewinnt he'ch Musek ze spielen

Och hei gouf säin Talent gläich erkannt a verschidde Redakteren vun der deemoleger satirischer Zäitschröft „Simplicissimus“ wollten aus dem Albert e Mataarbechter maachen, dee mat sänge politesche Karikaturen géint d’Fransousen an déi aner westlech Länner sollt Propaganda maachen.

Den Albert huet zwar gären däitsch Marschmusék héieren a säin Haerz huet all Kéier bestëmmt méi séier geschloun wann de Marsch „Alte Kameraden“ oder „Preussens Gloria“ erklongen as, mais méi wäit gong séng Léift fir déi Däitsch ower net.

Esou as hien erëm hannescht op Lëtzebuerg komm a gouf bestännege Mataarbechter am „Gukuk“ bis en dem Paul Schroell opgefall as, deen hie weider zu Pareis ausbilde gelooss huet.

1930 koum hien duerch den Hubert Clement an d’Redaktioun vum Tageblatt wou hien dann ugefaang huet mat Bläistëft a Witz de Geck mat der Politik an de Politiker ze maachen.

Vun 1934 un gouf hien och Mataarbechter vun der neigegrënnter Lëtzebuerger Illustréierter A-Z.

All Woch huet hien hei op enger Säit senger humoristescher Konscht fräie Laf gelooss. Séng léifste Frënn am Bild wore besonnesch d’Cantonnierën, d’Gentlarmen an d’Polizisten an dann, wéi kënnt et anesch sin, d’Duerfleit, d’Bauern, d’Wenzer, d’Aarbechter, déi Leit mat deenen den Albert bestännesch a Kontakt wor an deenen hir Spichten hien da mat Freed am Bild erëmgin huet.

Am Mä 1940 huet hien dann eist Land musse verloossen well d’Gestapoden Albert, deen a sänge Karikaturen och de Geck mam Hitler gemacht hat, gläich gesicht huet. esou koum hien no muench Zwëschefäll an d’Frankreich op Mâcon a spéider op Marseille wou hie mat all méiglechen Aarbechten säi Liewensënnerhalt verdingt huet. Aus dëser Zäit kënnt séng Freed un der franséischer Marschmusék. Hien huet dat och spéider nach dacks beim Patt gewisen an deem datt hie bei de Kläng vun engem „Sambre et Meuse“ an der Wirtschaft op an of marschéiert as an dobäi mat engem Biischtestill exercéiert huet.

Nom Krich koum den Albert Simon nees heem an huet och séng Aarbecht am Tageblatt erëm opgeholl. Hie selwer huet versicht eng nei satiresch Zeitung erauszegin an den 29. September 1945 ass och schon déi éischt Nummer vum „Peckvillchen“ an d’Land eraus gaang.

Bis zu séngem Doud, de 16. März 1956 huet all Woch de Péckvillchen säi Spass a säi Geck am Land gedriwen. Besonnesch Freed haat den Albert un eise Politiker an hire „politische Spéng“. Ob Regierung oder Chamber, ëmmer erëm huet hien si an sénger Zeitung op d'Schëpp geholl an hinnen d'Wouerécht laachendes Monns servéiert. Ob schwaarz, rout oder blo, d'Faarf wor dem Albert egal wann et geheescht huet dat wat nët klavéiert huet am Bild festzehalen.

Mais och vill Liewenswouéchten huet den Albert Simon a sénge Karikaturen ausgedréckt. Hei fir huet hie selwer nei charakteristesche Persoune geschaaf, wéi dat naïft „Knuppmarechen“, dat luussecht „Butzefinn“ oder „d'Faschtegréit“ mat den Hoer op der Zong mat deem nët gudd Kiischen z'essen wor.



E schwe're Probläm

Ja, ja, a we' droen ech dem Wirt herno de Stull eröm zereck?

Aner bekannt Figuren woren de „Jauni“, „d’Pafendauler“, „de Schëppen-
néckel“, „den Dittchen“, „de Metzlesch Jong“ an nach anerer. Mat all dëse
Persounen huet de Paressen Albert versicht séng Philosophie vum Liewen
op de Pabeier ze bréngen, oder ower dat erauszehiewen wat an eiser Gesell-
schaft nët geklappt huet.

Muenchmol huet Paressen Albert och nëmmen eng Duerfgeschichtchen
ënnert d’Leit bruecht, esou wéi „d’Monnerecher Bounesäck“ bei deenen
Schwäin ëmmer ouni Hamen um Bauch gerëtscht sin oder „de Suessemer
Schmatt“ dee mam décken Hummer dem Schwäin nogelaf as dat mam
Messer an der Strass d’Klenggaass erofgelaf as.

Aner Kéieren woren et och alt Déiren, déi den Albert Simon zu Wuert kom-
me gelooss huet fir eis eng Wouerécht ze servéieren.

Joerelaang huet den Albert esou mat sénger Konscht d’Zeile vum Péckvill-
che geféllt an als gudde Letzebuenger vill Texter fir bei séng Biller selwer ge-
schriwen. Als Kuriositéit misst ee schons déi Fuesendskalenneren bezeech-
nen déi och an dese Joeren eraus koumen an an deenen all Annoncen eng
Karikatur vum Simon haaten, wou hien de Geschäftsmann an séngem Be-
ruff an an séngem Geschäft mat Humor duergestallt huet.

Och beim Patt an de Suessemer Wirtschaften wéi a „Kesselesch“ oder bei
„Hausemesch Séis“ konnt een dacks séng Konscht bewonneren wann hie
mat sengem Bläistëftsstupp al schons lang verstuewe Suessemer Leit, wéi
„Lannen Franz“, den „Eck Monni“ an nach anerer, an e puer Strecher um
Pabeier erëm liewe gelooss huet.

Den 31. Mäi 1956, 14 Deeg nom Doud vum Albert Simon huet de Péckvill-
chen eng leschte Kéier gepéckt a gepaff.

Dest wor den Äddi vum Péckvillchen dee ganz iwer den Albert gung. An
engems gouwen d’Editeure bekannt datt ouni de Paressen Albert de Péck-
villchen nôt weider liewe kënnt.

Domat gouf e Schlusstréich gesat ennert e Wierk vun engem Mann deen et
verstanen hat zwar kritesch mais ni falsch oder gehässeg ze sin. Fir hie waren
séng Karikaturen nëmme Spaass, hie selwer huet séch gefreet wann hien déi
aner Leit mat sénger Konscht un d’Laachen oder och nëmmen un
d’Schmunzele krut, méi huet hien sech net erwaart, well domat hat hien
säin Zweck voll a ganz erreecht.